N° 4078
Reçue le 21.04.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

| |
|---|
| Dossier suivi par : Nathalie Weber |
| Tél. (+352) 247-86352 |

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Luxembourg, le 21 avril 2021

**Référence :** 837xd8eb6

**Objet :** Question parlementaire urgente n°4078 du 14 avril 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet de la couverture sociale des chauffeurs professionnels frontaliers travaillant pour des entreprises luxembourgeoises

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°4078 du 14 avril 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet de la couverture sociale des chauffeurs professionnels frontaliers travaillant pour des entreprises luxembourgeoises.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour le Ministre de la Sécurité sociale

Abílio FERNANDES MORAIS
Premier Conseiller de Gouvernement

**Annexe(s) :** Réponse à la question parlementaire urgente n°4078

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
mss@mss.etat.lu
mss.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Minister fir sozial Sécherheet op déi urgent parlamentaresch Fro n° 4078 vum Här Deputéierte Jeff Engelen iwwert d'sozial Versécherung vun de Frontaliersaarbechter am Transportsecteur**

*Firwat ass déi Lëtzebuerger Regierung bis elo net a Verhandlunge mat den Nopeschlanner agetrueden, fir am Intressi vun de Beruffschaufferen een Accord ze fannen, deen d'EU-Reegelung ofléist?*

Ewéi schonn an der Äntwert op déi parlamentaresch Froen n° 3966 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen an n°3932 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Spautz präziséiert, haten déi Lëtzebuerger Autoritéite scho bei Akraafttriede vun den europäesch Dispositiounen, also viru ronn 11 Joer, Kontakt mat de Nopeschlänner opgeholl fir eng dauerhaft Léisung ze fannen, déi der Lëtzebuerger Situatioun an deene betraffene Secteuren (Transportsecteur vu Wueren an och vu Persounen) géif Rechnung droen.

Leider huet dës Versich vun den Lëtzebuerger Autoritéiten awer net konnten zu Verhandlunge féiere well, op mannst an der Vergaangenheet, keng Volontéit vun den Autoritéiten an deene Länner bestoung fir eng generell Derogatioun vun der 25%Reegel fir den Transportsecteur ze maachen.

Doriwwer eraus ass ze präziséieren dat e bilateralen Accord an der sozialer Sécherheet net einfach dat europäesche Reglement (CE) 883/2004 a säin Executiounsreglement (CE) 987/2009, déi als Objet d'Koordinatioun vun de verschiddene Systemer vun der sozialer Sécherheet vun de Memberstaaten hunn, kann ofléisen. Vill méi ass esou en Accord eng Ergänzung zu deenen Dispositiounen déi e spezifesche Beräich ofdecken.

Dës Reglementer leeën effektiv ënner anerem d'Reegele fest, déi sech applizéiere wann ee Salarié e Lien mat verschiddene Memberstaaten huet. E fundamentale Prinzip vun dëser Koordinatioun ass dat eng Persoun ëmmer nëmme kann ënnert eng Legislatioun vun der sozialer Sécherheet falen, also nëmme kann an engem Memberstaat affiliéiert sinn. Am Normalfall ass dat de Memberstaat an dem de Salarié senger Aarbecht nogeet, bezéiungsweis seng Aktivitéit ausüübt.

Wann awer eng Persoun seng Aktivitéiten a verschiddene Memberstaaten huet, da ginn et spezifesch Dispositiounen déi festleeën a wéi engem Memberstaat des Persoun muss affiliéiert ginn. Dës Dispositiounen applizéieren sech och op d'Aarbechter am internationalen Transport déi a verschiddene Memberstaaten schaffen, grad ewéi och an deenen anere Secteuren.

Laut dësen Dispositioune fält de Salarié ënnert d'Legislatioun vu sengem Wunnstaat wann en eng substantiell Partie vu senger Aktivitéit do ausféiert (25%-Reegel). Wann dëst net de Fall ass fält de Salarié ënnert d'Legislatioun vum Memberstaat wou de Sëtz vu sengem Employeur ass.

De Salarié ass ab dee Moment verséchert, wou eng Decisioun geholl gouf betreffend der Legislatioun déi ze applizéieren ass.

Den uewegenannten europäesche Reglement gëtt dem Wunnstaat vun der Persoun an dësem Fall eng wichteg Roll. Et ass un dësem ze analyséieren ënnert wéi eng Legislatioun de Salarié fält. Déi zoustänneg Instanz am Wunnstaat vum Salarié informéiert dann déi aner Memberstaaten ewéi eng Legislatioun ze applizéieren ass. Wann de Salarié also net zu Lëtzebuerg wunnt, kënnen also déi Lëtzebuerger Autoritéiten iwwerhaapt net decidéieren ënnert wéi eng Legislatioun d'Persoun fält.

Dës Iwwergaangsdispositiounen hu virgesinn, dat déi Persounen, déi virum Akraafttriede vum Reglement 883 am Transportsecteur täteg waren, nach konnten 10 Joer laang iwwert der Limite vu 25% verbleiwen. Et sinn dës Transitiounsdispositiounen déi op en Enn komm sinn. Fir all Salarié, dee nom Akraafttriede vum Reglement 883 agestallt ginn ass, oder deem seng Situatioun geännert huet, hunn direkt déi nei Dispositioune gegollt, also och déi Limite vu 25%.

*Denkt d'Regierung drun, fir een Ofkommes mat den Nopeschlanner ze fannen, dat am Fall vun enger Desaffiliatioun aus der Sozialversécherung eng automatesch a glaichzaiteg Reaffiliatioun an engem anere Land virgesait?*

Ewéi an deene verschiddene Reunioun mat de concernéierten Acteure gesot, hunn déi Lëtzebuerger Autoritéiten effektiv vir, fir en Accord ze fannen, deen eng Affiliatioun vun de Salariéen an deene betraffene Secteuren zu Lëtzebuerg iwwer déi 25%-Limite eraus kéint gewährleeschten.

Aktuell sinn nei Echangen nach an der Virbereedungsphas fir déi kënnen ze formaliséieren, also méi offiziell ze féieren. Et muss awer präziséiert ginn, dat dës net déi selwecht Situatioun ass, ewéi déi, déi sech virun engem Joer mat der Pandemie gestallt huet, wou eng temporär Léisung huet misste fonnt gi fir der Ausbreedung vum Covid-19 entgéintzewierken. Dës weltwäit sanitär Noutlag huet dozou gefouert, dat ganz kuerzfristeg eng temporär Suspensioun vun der 25%-Limite fir déi Salariéeën, déi am Télétravail waren a sinn, konnt am Accord mat den Nopeschlänner fonnt ginn. Aktuell leeft dësen Accord bis den 30. Juni 2021.

Eng dauerhaft Léisung fir den Transportsecteur awer, brauch eng aner Virbereedung an och Konzertatioun mat de jeeweilege betraffenen Autoritéite fir zu engem Accord ze fannen, dee net just de Problem verlagert, mee eng reell Plus-Value fir jiddereen duerstellt, an dës och verstäerkt am Kontext vun der Grouss-Regioun.

Dës setzt natierlech viraus dat d'Autoritéite vun de Nopeschlänner gewëllt si mat op de Wee vun engem bilateralen, oder esouguer multilateralen, Accord ze goen.

*Wat ënnerhëlt d'Regierung, fir ze verhënneren, datt déi betraffe Beruffschaufferen net nëmmen hir Affiliatioun, mee och hir Aarbechtsplaz verléieren, an datt déi betraffen Entreprisen delocaliséiert ginn?*

Déi Lëtzebuerger Autoritéite wäerten, esou ewéi dat an der Vergaangenheet schonn de Fall war, am Kader vun de legale Méiglechkeeten sech esouwuel fir déi concernéiert Salariéen, ewéi och fir d'Betriber asetzen, a se duerch déi verschidde Mesuren an Outilen ënnerstëtzen déi zur Verfügung stinn. Virrangeg wäerten d'Beméiungen op all Niveau weidergefouert ginn, fir kënnen offiziell Verhandlungen unzefänke fir eng dauerhaft Léisung ze fannen.